N°4609
Entrée le 11.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.08.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Chamberpresident

Lëtzebuerg, den 11. August 2026

Här President,

esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, géinge mir Iech bieden dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

D'Associations des médecins et médecins-dentistes (AMMD) huet ugekënnegt, datt, sauf Alenkung a leschter Minutt vun der Regierung op hir Revendicatiounen, si déi nei Konventioun, déi hinne vun der CNS virgeluecht ginn ass, net géifen ënnerschreiwen. Zu hiren Haaptfuerderunge gehéiert eng Liberté de Tarification élargie, respektiv, wei bei der Kënnegung vun der Konventioun gefuerdert, eng Autonomie tarifaire. Nodeems d'AMMD d'Konventioun mat der CNS am Oktober 2025 gekënnegt hat, géif dës Konventioun deemno am Oktober 2026 definitiv auslafen. An dem Fall misst d'Regierung, laut dem Code de la Sécurité Sociale, d'Relève zu der Konventioun iwwert groussherzoglecht Reglement iwwerhuelen.

An deem Kontext wéilte mir d'Madamm Ministesch froen:

1. Wie weit sinn d'Aarbechte fortgeschratt fir, le cas échéant, dat neit groussherzoglecht Reglement am Hierscht a Kraaft ze setzen? Ass séchergestallt datt kee Vide juridique entsteet?

2. Wat sinn d'Differenze par Rapport zur aktueller Konventioun? Wat fir Konsequenze erginn sech fir Dokteren? Wat fir Konsequenzen wäert dëst fir d'Patiente mat sech bréngen?

3. Si weider Entrevuen tëschen der Ministesch an der AMMD, respektiv tëschen der Regierung an der AMMD virgesinn?

4. Kann d'Ministesch bestätegen, datt och d'Fédération luxembourgeoise des Laboratoires d'Analyses Médicales (FLLAM) hir Konventioun mat der CNS integral gekënnegt huet?

5. Wéini gedenkt d'Ministesch d'Chamber iwwert déi wieder Evolutiounen an dësem Dossier ze informéieren?

Mat déiwem Respekt,

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LSAP

Mars Di Bartolomeo
Députéierten

Taina Bofferding
Députéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu